Le caractère urgent de la question a été reconnu (26.11.2020)

QU N°3212

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 26. November 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 17:09, 26/11/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weider ze leeden.

Am Artikel 4 (2) vum COVID-19 Gesetz vum 25. November 2020 ass festgehalen datt am ëffentlechen Transport fir d'Benotzer eng allgemeng Maskeflicht besteet. Den Artikel 4 (5) beseet datt de Verbuet vu Rassemblement vun iwwer 100 Leit sech net op den ëffentlechen Transport applizéiert an am Punkt (6) vum selwechten Artikel ass festgehalen datt d'Obligatioune vun der „distanciation physique" déi am Gesetz virgesi sinn, net fir d'Notzer vum ëffentlechen Transport gëllen. De selwechten Artikel 4 (4) hält allerdéngs och fest datt bei all Rassemblement tëscht 10 an 100 Leit Sëtzplaze mussen zougewise ginn. Hei ass keng explizitt Ausnam fir den ëffentlechen Transport virgesinn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Ass den Artikel 4(4) applikabel op den ëffentlechen Transport?
2. Wa jo, wat fir eng Konsequenzen hätt dat gegebenenfalls a misst dat gëschter gestëmmten Gesetz net direkt adaptéiert ginn?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten